# De Pier an de Wollef Vum Sergej Prokofieff

Iwwersat a geschwat vum Serge Tonnar

Gespillt vum Orchestre Philharmonique du Luxembourg
ënnert der Leedung vum Gustavo Gimeno

Längt: 28 Minutten

Illustratiounen: Annick Sinner, grafesch Ëmsetzung: Fabienne Schmit

Orchester opgeholl am Juli 2019 an der Philharmonie
Kees De Visser: Touningenieur
Karel Bruggeman: Opnameleedung, Tounmix, Montage

Stëmm opgeholl am Oktober 2019 am Roll Studio
Mike Butcher: Touningenieur

Lektorat: Myriam Welschbillig

Produktioun: Serge Tonnar


MASKéNADA

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Culture

Orchestre
Philharmonique
Luxembourg

PHILHARMONIE


SERGE TONNAR

# DE PIER AN DE WOLLEF

VUM SERGEJ PROKOFIEFF • GESPILLT VUM ORCHESTRE PHILHARMONIQUE DU LUXEMBOURG



# DE PIER AN DE WOLLEF

## Eng musikalesch Geschicht fir Kanner

an d'Lëtzebuergescht gesat vum Serge Tonnar

*D'Mënschen an d'Déieren an dëser Geschicht erkennt een un de verschiddenen Instrumenter a Melodien*

*De Pier erkennt een un der Melodie, gespillt vun de Sträicher*
*D'Fagott ass de Bopi*
*D'Klarinett ass d'Kaz*
*D'Flütt ass de Villchen*
*Den Hautbois ass d'Int*
*Déi dräi Core sinn de Wollef*
*D'Sträicher an d'Bléiser spillen d'Melodie vun de Jeeër*
*An déi déck Tromme sinn d'Schëss aus de Gewierer*

Enges Mueres mécht de **Pier** d'Gaardepaart op an trëppelt eraus op déi grouss gréng Wiss. Op engem Aascht vun engem grousse Bam sëtzt de klenge **Villchen**, dem Pier säi Frënd. „Alles ass sou schéi roueg", piipst de Villche voller Freed.

Aus den Hecke beim Gaart kënnt **d'Int** erbäigewatschelt. Si ass frou, dass de Pier d'Gaardepaart net zougemaach huet, a wëll elo en Tierchen an de Weier an der Wiss schwamme goen. Wéi de Villchen dat gesäit, flitt en erof op d'Wiss nieft d'Int a bléist sech op: „Wat bass du da fir e Vull, wann s de mol net fléie kanns?", bretzt e sech. Ma d'Int äntwert: „A wat bass du da fir e Vull, wann s de mol net schwamme kanns?", a marschéiert houfreg an d'Waasser. D'Int paddelt am Weier, de Villche spréngt um Ufer hin an hier, a si streiden a streiden.



Op eemol gesäit de Pier, wéi **d'Kaz** duerch d'Wiss geschlach kënnt. D'Kaz denkt bei sech: „Dee Villchen do streit a passt net op, dee kropen ech mer elo." Op samette Patte schläicht si sech heemlech un de Villchen erun. „Pass op!", jäizt dunn de Pier, an de Villche flitt eenzock uewen an de Bam. An d'Int quaakt d'Kaz ganz rosen un, awer léiwer aus der Mëtt vum Weier. D'Kaz schlauft ëm de Bam a freet sech: „Ass et derwäert, esou héich eropzeklammen? Wann ech bis do uewe sinn, ass de Villche laang fortgeflunn."



Do kënnt de **Bopi** aus dem Haus. En ass rosen, well de Pier eleng eraus an d'Wiss gaangen ass an d'Gaardepaart opstoe gelooss huet: „Dat ass geféierlech!", seet en. „Wann de Wollef elo aus dem Bësch kéim, wat géifs de da maachen?" Ma de Pier lauschtert guer net op de Bopi. Bouwen ewéi hien hunn dach keng Angscht virum Wollef. Awer de Bopi hëlt de Pier mat der Hand, geet mat em hannescht an de Gaart a mécht d'Paart gutt zou.

A wierklech! Knapps ass de Pier duerch d'Paart, do kënnt aus dem Bësch de grousse groe **Wollef**. Eenzock klotert d'Kaz op de Bam. D'Int quaakt vun Opreegung, spréngt aus dem Weier a probéiert fortzelafen. Ma egal wéi se sech och drugëtt, si kann dem Wollef net entbutschen. De Wollef kënnt méi no. E kënnt méi no, a méi no, geschwënn ass e bei hir, a schonn huet en se a schléckt se an engem Maufel of.

An esou gesäit et elo aus: D'Kaz sëtzt op engem Aascht vum Bam, an de Villchen op engem aneren Aascht, net ze no bei der Kaz. An de Wollef zitt seng Kreesser ronderëm de Bam a stuerkt mat hongeregen Aen op déi zwee erop.





De Pier steet déi ganzen Zäit bei der Gaardepaart, kuckt deem Spillchen no a fäert emol kee Fatz. E leeft séier an d'Haus, hëlt en déckt Seel a klëmmt op d'Gaardemauer. Een Aascht vum Bam, ënnert deem de Wollef lauert, hänkt iwwert d'Mauer an de Gaart. De Pier kroopt sech deen Aascht a klotert esou eriwwer vun der Mauer op de Bam. De Pier seet zum Villchen: „Fladder dem Wollef do ënne ronderëm de Kapp, sou no wéi et geet, awer pass gutt op, dass en dech net ze pake kritt." De Villche kënnt mat de Flilleke bal widdert dem Wollef säi Kapp an de Wollef schnaapt wéi benzeg no em. Wat mécht dee Villchen de Wollef esou rosen! A wat huet de Wollef elo Loscht, de Villchen ze fänken! Ma de Villchen ass vill ze luusseg an de Wollef bäisst nëmme Lächer an d'Loft.

An där Zäit mécht de Pier e Lasso mam Seel a léisst et lues vum Bam erof. E fänkt de Wollef mam Schwanz an zitt mat aller Kraaft. Wéi de Wollef mierkt, dass e gefaangen ass, spréngt e wéi geckeg ronderëm, fir sech lasszekréien. Awer de Pier stréckt deen anere Wupp vum Seel gutt fest um Bam un. A wat de Wollef méi wëll ronderëm spréngt, wat d'Seel sech méi fest ëm säi Schwanz zitt.



Awer elo, elo kommen **d'Jeeër** aus dem Bësch. Si waren dem Wollef schonn op der Spuer, a wéi se méi no kommen, schéisse se mat hire Gewierer op en. Do rifft de Pier vum Bam erof: „Dir däerft net méi schéissen! De Villchen an ech hunn de Wollef jo scho gefaangen. Hëlleft eis, en elo an den Zoo ze bréngen."

An elo, elo stellt iech déi houfreg Pressessioun vir. Ganz vir geet de Pier. Hannert dem Pier kommen d'Jeeër mat hire Gewierer a mam grousse groe Wollef. An um Wupp vun der Pressessioun trëppelen de Bopi an d'Kaz. De Bopi rëselt de Kapp an denkt: „A wann de Pier de Wollef elo net gefaangen hätt? Wéi wier et dann ausgaangen?" Iwwert hinnen all flitt de Villchen a päift voller Freed: „O mei, wat sinn de Pier an ech awer fir daper Gesellen! Kuckt emol, wie mir gefaangen hunn!"

A wann ee ganz gutt lauschtert, héiert een d'Int am Wollef sengem Bauch quaken; well de Wollef hat si mat senger hongereger Schnëss lieweg ofgeschléckt.

